



**Gemeinsam Äntwert vun der Madame Justizministesch Sam Tanson, vum Här  
Minister fir bannenzech Sécherheet Henri Kox a vum Här Schoulminister Claude  
Meisch op d'parlamentaresch Fro n°6638 vum 9. August 2022 vum honorabelen  
Deputéierten Fernand Kartheiser iwwert Jugendkriminalitéit**

**1. Wat ass mat deenen dräi Täter geschitt, déi am Kader vun de Gang-Aktivitéiten an der Stad zwar festgeholl awer net inhaftéiert gi sinn? Sinn dës nees op fräiem Fouss? Ënnerleie si enger Form vu Kontroll a wat erwaart si an Zukunft?**

**2. Gëtt et e politeschen Hannergrond bei deene Jugend-Gangen („anti-Sistema“ hat d'Press schonn als ee vun hire Nimm genannt)?**

Vu dass ët sech bei dëse Faiten ëm eng lafend Affär handelt, spillt de “secret de l’instruction”. Deemo decidéiert alleng de Ministère public iwwer d’Opportunitéit fir doriwwer öffentlëch ze kommunizéieren.

**3. Ass et ze vertrieeden, datt Jugendlecher ënner 16 Joer, déi un esou Verbriecheen deelhuefen, net oder kaum bestrooft ginn? Wéi eng Strofen a wéi engem Alter wäeren hei sënnvoll?**

Et sief bemierkt, datt de Fait, datt dës Jugendlecher am Prinzip net vun engem Erwuessengericht mat enger Strof vum Code pénal kënnen bestrooft ginn, net heescht, datt déi Strofdoten ouni Konsequenze fir déi mannerjäreg Täter bleiwen.

D’Jugendgericht kann an deem Sënn verschidde Mesuren fir e stroffälege Mannerjärege, esou wéi fir de schutzbedürftege Mannerjärege, ordonnéieren, z. B. Sozialstonnen, eng Assistance éducative, oder e Placement, deen an all adäquatem Etablissement, z.B. engem Internat oder enger spezialisierter Institutioun, mee awer och an der UNISEC kann exekutéiert ginn.

D’Situatioun wäert awer mat de Gesetzesprojeten am Kader vun der Reform vum aktuelle Jugendschutzrecht<sup>1</sup> änneren, déi konform zu verschiddene internationale Kannerrechtsnormen eng Trennung tëschent Jugendschutz- a Jugendstrofrecht virgesinn. Esou wäerte sech d’Strofen aus dem Code pénal op stroffälleg Jugendlecher, mat verschiddene Limitatiounen ënner anerem um Niveau vun der Dauer vun der Strof, applizéieren.

Au vu vun der Gewaltentrennung an der Onofhängegkeet vun der Justiz, ënnerläit et net der Exekutive zu der Fro vun de konkrete Strofen, déi hei sënnvoll wieren, Stellung ze huelen.

<sup>1</sup> Projet de loi n°7991 portant introduction d’un droit pénal pour mineurs  
Projet de loi n°7992 relatif aux droits des mineurs victimes et témoins dans le cadre de la procédure pénale  
Projet de loi n°7994 portant aide, soutien et protection aux mineurs, aux jeunes aux familles



**4. Wat genee weess d'Police iwwert d'Organisatioun an d'Stärkt vun dese Gruppen? Wéi vill Gruppe si bekannt, wéi vill Jugendlecher sinn an deenen eenzele lokale Banden? Wat ass hire sozialen Hannergrond, hiren Alter, d'Opdeelung no Geschlecht, geographescher Originn an no Nationalitéit?**

Vu dass et sech bei dese Faiten em eng lafend Affär handelt, spillt de "secret de l'instruction". Deemno decidéiert alleng de Ministère public iwwer d'Opportunitéit fir doriwwer öffentlech ze kommunizéieren.

Doriwwer eraus féiert d'Police keng Statistiken iwwert de sozialen Hannergrond oder d'geographesch Originnen an Nationalitéite vu presuméierte Stroftäter.

**5. Wéi kann d'Schoul d'Schüler virun esou Gruppe schützen? Wien iwwerhëlt d'Verantwortung, wa Membere vun esou Banden als Strof d'Schoul musse wiesselen a wann den Terror an der neier Schoul da virugeet? Wéi wëll den Här Schoulminister an Zukunft garantéieren, datt esou jonk Krimineller net méi an e normale Schoulbetrib opgeholl ginn, wou si da kënnen aner Kanner a Jonker terroriséieren? Misst d'Schoulgesetz net an deem Sënn geännert ginn?**

Mir verweisen den honorabelen Députéierten op d'Äntwerten op déi parlamentaresch Froen Nr. 6534 a Nr. 6539 vum honorabelen Députéierte Fred Keup.

Lëtzebuerg, den 27 September 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson